N°284
Entrée le 05.02.2024
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Claude Wiseler
Luxembourg, le 05.02.2024
Chambre des Députés

PIRATEN
SENSIBILITÉ POLITIQUE
22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

Claude WISELER
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 05/02/2024

**Här President,**

**Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Ministesch fir Mobilitéit an Ëffentlech Aarbechten weiderzeleeden.**

Mir ass ee Fall zougedroe ginn, wou eng Fra, déi mat enger Kannerkutsch ënnerwee war, den Accès an ee Bus vum RGTR refuséiert krut. Genee ass dës Geschicht op der Linn 609 um Arrêt Déifferdeng Arbed Dënschdes den 30te Januar géint 18h00 passéiert.

Den éischte Buschauffer hätt der Fra d'Entrée an de Bus refuséiert ënnert der Begrënnung, dass dëse Bus keng Plaz fir Poussetten hätt, de Buschauffer sech net ëm d'Kutsch kéint këmmeren an et aus versécherungstechnesche Grënn net méiglech wier, fir d'Kutsch matzehuelen. D'Fra duerft dunn am Reen mat zwee Kanner (dorënner ee Puppelchen) 40 Minutten op den nächste Bus waarden, wou hier da vum nächste Buschauffer déi nämmlech Attitude an Erklärung presentéiert gi war, dass si net mat der (faltbarer) Kutsch an de Bus dierft klammen.

An deem Zesummenhang wéilt ech der Ministesch dës Froe stellen:

1. Stëmmt et, dass verschidde Busser, déi fir den RGTR fueren, keng Leit mat Poussettë kënnen oder dierfe mathuelen?
   Falls jo, ëm wéi eng Busser handelt et sech a wat ass de Grond dofir?

2. Wéi kënnen d'Leit, déi mat Poussetten, Vëlo oder am Rollstull ënnerwee sinn, am Viraus wëssen, ob ee Bus vum RGTR si ka mathuelen?

Mat déiwem Respekt,

GOERGEN Marc
Deputéierten

N°284
Entrée le 04.03.2024
Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Mobilité
et des Travaux publics

**Äntwert vun der Ministesch fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechten op d'parlamentaresch Fro n° 284 vum 5. Februar 2024 vum honorablen Deputéierten Marc Goergen**

1. **Stëmmt et, dass verschidde Busser, déi fir den RGTR fueren, keng Leit mat Poussettë kënnen oder dierfe mathuelen?**

Laut dem RGTR Kontrakt muss all Buskategorie mat méi wéi 14 Sëtzplaze mat enger Plattform equipéiert sinn. An dësem spezifesche Fall ass awer ee Bus ouni Plattform ob dëser Course gefuer. Et huet sech hei em e Bus aus der Reserve vum responsabele Betrib gehandelt, op deen zeréckgegraff gouf, well soss d'Course komplett ausgefall wär. An Ausnamefäll kënnen effektiv och aner Busser, wéi an dësem Fall ee Schoulbus, agesat ginn.

An dësem konkrete Fall hätt de Buschauffer der Fra kënnen hëllefen d'Kutsch ze falen, de responsabele Betrib huet dee betraffene Chauffeur dorop higewisen.

**Falls jo, ëm wéi eng Busser handelt et sech a wat ass de Grond dofir?**

Busser vun der Kategorie 1 (9 Sëtzplazen) a Kategorie 2 (14 Sëtzplazen), déi entweder agesat gi, wann d'Unzuel u Passagéier kléng ass oder wann de Verlaf vun der Strooss et net erméiglecht mat méi engem grousse Bus ze fueren, hu keng Plattform. Dëst betrëfft aktuell 17 vun 185 RGTR Linnen.

2. **Wéi kënnen d'Leit, déi mat Poussetten, Vëlo oder am Rollstull ënnerwee sinn, am Viraus wëssen, ob ee Bus vum RGTR si ka mathuelen?**

D'Verwaltung fir ëffentlechen Transport schafft un enger Léisung fir an der Applikatioun mobiliteit.lu unzeweisen ob ee Bus mat enger Plattform equipéiert ass oder net.

Lëtzebuerg, den 1. Mäerz 2024

D'Ministesch fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechten

(s.) Yuriko Backes